**Embargo jusqu'au 06/03/2024 - 08h15**

(Les paroles prononcées font foi)

**Léif Kolleeginnen a Kolleegen,**

Mir gesinn eis haut genau op däser Plaz virum Siège vun der POST, wëll elo um 9 Auer eng Sëtzung vum Conseil d'Administration ufänkt. Ee wichtege Punkt, wou et em är Situatioun geet, steet haut um Ordre du jour. Et geet notamment ëm eng Konventioun, déi tëschent dem Syndicat P&T an der Direktioun vun der POST Lëtzebuerg den 22. Dezember 2023 ënnerschriwwe ginn ass an déi Konsequenze fir iech huet, esou och wéi op d'Verhandlunge vum Kollektivvertrag.

Dofir villmools Merci, dass dir haut de Wee virun d'Zentral vun der POST fonnt hutt.

Am Accord vun Dezember 2023 kréien 280 Mataarbechter, déi virum 1. Abréll 2016 agestallt goufen, d'Méiglechkeet vum Salariatstatut an de Statut vum Employé de l'Etat ze wiesselen.

Nëmmen zur Erënnerung an zur Kloerstellung: den LCGB huet sech NIE géint esou eng Méiglechkeet gestallt. Dat hu mir an all onse Publikatioun betount an dat mécht den LCGB och haut! Dëse Schrëtt bedeit awer vill Ongerechtegkeeten.

Et ginn e puer Hoken:

1. 280 Mataarbechter, déi virum 1. Abrëll 2016 agestallt goufen, kréien elo d'Méiglechkeet an de Statut vum Employé de l'Etat ze wiesselen. Dat betreffen ausgewielte Funktioune bei der POST. Dat entsprécht awer nëmme 16% vun der Beleegschaft. Nach laang net jidderee ka vun dëser Entscheedung profitéieren. An dat ass de Punkt, wou d'Kromm an der Heck léit. Dëst ass eng Ongerechtegkeet fir déi aner 1520 Salariéeën!

2. Zënter Ufank vun 2010 ass decidéiert ginn, bei der POST, engem Établissement public, nach just Salariéeën anzestellen. Nach den 28. Februar 2024 an enger Entrevue mam LCGB huet d'Direktioun behaapt, dass bei der POST nëmme Salariéeën agestallt ginn!

Ab 2010 ass, fir de Salariéeë gutt Aarbechtskonditiounen ze erméiglechen, e Kollektivvertrag ënnert dem Lead vum LCGB ausgehandelt ginn.

Den 20. September 2013 ass dunn den éischte Kollektivvertrag fir d'Mataarbechter vun der POST Lëtzebuerg ënnerschriwwe ginn, dee villen Salariéeë fair a gerecht Aarbechtskonditiounen ubitt.

Mat dem Accord vun 2023 kommen elo awer Elementer dobäi, déi d'Situatioun vum Personal ënnert de privatrechtleche Statut bei der POST a Fro stellen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Direktioun handelt eng Konventioun mam Syndicat aus a fënnt et net fir néideg, national representativ Gewerkschafte mat un den Dësch ze huelen.

Wann Salariéë betraff sinn, muss den LCGB mat um Dësch setzen an eng Decisioun kënne mathuelen!

D'Direktioun versteet nach ëmmer net de Sozialdialog. Den LCGB kann sech de Mond fusseleg schwätzen: d'Direktioun huet nach net kapéiert, wat eng national representativ Gewerkschaft bedeit.

Wat awer mécht d'Direktioun hei? Si ënnerschreift – an et gëtt eréischt no 2 Méint ëffentlech kommunizéiert - eng Konventioun a gëtt enger Vertriedung e Privileeg. D'Direktioun hëlt Partei fir eng Organisatioun, déi mol net national representativ ass. D'Direktioun favoriséiert ganz kloer de Statut vum droit public a vergësst 1800 Salariés !

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

3 Punkten, déi weisen, fir ween d'Direktioun Partei ergräift:

1. Firwat eng Konventioun ënnerschreiwen, déi d'Entscheedung sech op de Salarié ze konzentréieren, aushiewelt? Et kann net sinn, datt ee Jore laang e Message vun sech gëtt an da geet d'Direktioun hannert hier eege Wieder an ënnerschreift en Accord, dee genau de Contraire mécht.
2. Firwat op govjobs bei der Fonctioun publique nei Posten ausschreiwen? Dëst ass eng Virgoensweis, déi de Salarié bei der POST virun de Kapp stéisst an déi fir ganz vill Oprou gesuergt huet. Och hei vergësst d'Direktioun seng Wieder. Schonn am September 2023 hat den LCGB e Bréif un d'Direktioun gemaach, wou mir dës Praxis uprangeren an den Agent de POST fir d'Salariéeë fuerderen. Iwwregens e Bréif, wou mir nach haut op eng Äntwert waarden.
3. Firwat vun enger Kreatioun vun enger Postschoul, engem Projet a Collaboratioun mam Minister vun der Educatioun schwätzen, wou zukünftegt diploméiert jonk Léit kënnen ënnert dem Statut vum Employé de l'Etat agestallt ginn? Wuelgemierkt an Zukunft!

Deen, deen haut agestallt gëtt, huet de falschen Zäitpunkt gewielt, a gëtt als Salarié agestallt. Dës Politik „à la tête du client" ass net nëmmen ongerecht, mee och eng Frechheet géigeniwwer all Salarié.

All dës Elementer ënnerstëtzen definitiv keng Astellungspolitik nach just Salariéeën anzestellen. Mat dësem Paradigmewiessel an der Personalpolitik geet eppes net méi op!

D'Direktioun huet hei eng grouss a fundamental Feelentscheedung geholl.

Dëst ass de kloere Message, méi Léit ënnert dem Employé de l'Etat anzestellen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Demande fir déi nei Kollektivvertragsverhandlungen si gemäss den Delaien d'lescht Joer gemaach ginn.

Am November 2023 koum d'Verhandlungskommissioun fir eng 1. Reunioun zesummen. Um Ordre du jour stoung wéi ofgemaach, d'Präsentatioun vun der ekonomescher Situatioun vun der Entreprise. D'Gewerkschaften hunn ugekënnegt, dass et am Fuerderungskatalog virun allem ëm eng Harmoniséierung un d'Modalitéite vum Accord salarial vun der Fonction publique géing goen.

Zu kengem Moment huet weder d'Direktioun nach de Syndicat et fir néideg fonnt, dass et den 22. Dezember zu der Ënnerschrëft vun der Konventioun, déi an eng aner Richtung weist, komme soll.

Zu Recht dierf een sech hei Froe stellen.

Et ass kee Geheimnis, wat den LCGB elo vum neie Kollektivvertrag erwaart. D'Entwécklunge bei der POST drängen a Richtung, fir all d'Salariéeën d'Lounkonditiounen an d'Aarbechtsmodalitéiten un de Statut vum droit public unzepassen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Den LCGB wäert net akzeptéieren, dass d'Salariéeën op der d'Streck bléiwen. De Fuerderungskatalog fir den neie Kollektivvertrag war, d'Modalitéite vun der Remuneratioun, un déi vum droit public unzepassen.

Elo ass de Message an de Verhandlunge konkret deen, den Statut vum droit public fir all Salariéeën ze applizéieren.

Den LCGB setzt sech fir all Salarié an. Dës Kollektivvertragsverhandlunge wäerten, mat all deem wat geschitt ass, ganz haart ginn. Gewerkschaftlech Aktioune wäerten och net ausbléiwen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dir, Mataarbechter vun der POST, sidd zu Recht rosen an dréckt haut äert Onverständnis iwwert dës Ongerechtegkeet aus. D'Enquête zum interne Klima weist jo däitlech, wou de Schung dréckt.

D'Direktioun kann esou oft wéi se wëll betounen, dass an Zukunft nëmme Salariéeën agestallt ginn. Just dat kann een net méi gleewen, well et gëtt jo awer punktuell a jee no Gutdünken, Personal ënnert dem Statut de droit public agestallt resp. bezuelt.

D'Konventioun vum September, den Appel de candidatures op govjobs, d'Kreatioun vun enger Postschoul, all dës Elementer weisen an eng aner Richtung. Dofir wäert sech den LCGB asëtzen, dass all Salariéeën elo an de Statut vum droit public ka wiesselen.

**Den LCGB fuerdert:**

- **De statut de droit public fir all d' Salariéeë vun der POST!**
- **Dëse Statut muss direkt ëmgesat ginn. Wann et fir 280 Léit geet, geet et och fir 1800 Léit!**
- **Déi selwecht Aarbechtskonditiounen a Remuneratioun fir jiddereen!**

An dann ass den LCGB sech och sécher, dass sech den interne Klima an der Entreprise verbessert.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Déi eenzegt Äntwert fir dës Ongerechtegkeet geléist ze kréien, ass den 12. Mäerz d'Lëscht 1 ze wielen!

Den LCGB fuerdert, datt den ëffentlechrechtleche Statut direkt fir all Salariéeën applizéiert gëtt!

Dofir d'Kandidate vun der Lëscht 1 – LCGB wielen!

Merci fir är Opmierksamkeet!